

Lëtzebuerg, den 2. November 2020

Communiqué

D'Pirate sinn erschreckt iwwert déi haiteg Aussoe vum Premierminister Xavier Bettel, deen en zweeten Etat de Crise net ausschléisse wëll, wann d'Chamber de ministerielle Proposen net innerhalb vu wéinegen Deeg zoustëmme géif.

Virum Hannergrond vun de steigenden Infektiounszuelen, sinn sech d'Pirate bewosst, dass Gesetzestexter, déi zum Zil hunn, d'Populatioun ze schützen, d'Ausbreedung vum Virus ze bremsen an de Gesondheetssystem ze entlaaschte vun enger besonnescher Urgence sinn. D'Ausruffe vun engem Etat de Crise wär an dëser Situatioun awer de falsche Wee, esou de Sven Clement, dee konkret seet:

« Wann de Premier wëll, datt Gesetzer séier gestëmmt ginn, da sollt d'Chamber mat alle Parteien, déi am héijen Haus vertraude sinn, vun Ufank un an d'Ausschaffe vun den neie Gesetzestexter mat agebonne ginn. D'Deputéierte virun e Fait accompli ze setzen an dann och nach mat enger Entmuechtung ze droen, am Fall wou déi vum Minister fixéiert Delaien net agehale kenne ginn, ass an engem demokratesche Rechtsstaat inakzeptabel. »

D'Pirate wëllen ënnersträichen, dass d'Chamber während der ganzer Covid-Kris hir Verantwortung iwwerholl huet, an och ënner Zäitdruck an den eenzele Kommissiounen a während de Plenièren hiren Aufgaben nokomm ass. Als Representante vun de Bierger hunn d'Deputéierten eng Responsabilitéit vis-à-vis zu de Mënschen an dësem Land an si verpflichtet déi Gesetzestexter, déi si stëmmen, am Fong analyséiert ze hunn, éier et zu engem Vott kënn. Am Fall vun enger Urgence ass d'Chamber duerchaus fäeg séier ze reagéieren, ouni dobäi d'Demokratie auszehiewelen. De Chambersbüro an d'Conférence des Présidents, an deenen d'Regierungsparteie majoritär vertraude sinn, kenne Kommissiounssätzungen a Plenièren och ganz kuerzfristeg nach festleeën, esou dass d'Chamber och an Urgencen handlungsfäeg ass.

D'Chamber op eng reng Stempelmaschinn ze reduzéieren, déi Texter vun der Regierung ouni demokrateschen Debat innerhalb vun engem bestëmmten Delai einfach ofseene soll,



schalt den éischte pouvoir am Land faktesch aus - an dat och ouni en Etat de crise auszeruffen. D'Pirate wëllen dofir ervirhiewen, dass si d'Aussoe vum Premierminister vun haut de Muere méi wéi besuergneserreegend fannen. Si sinn erschreckt iwwert d'Ukënnegung vum Premier, den Etat de Crise wëllen auszeruffen, wann d'Chamber de ministerielle Proposen net innerhalb vu wéinegen Deeg zoustëmme géif, an hoffen, dass d'Regierung dës Drohung net benotze wäert, fir den Etat de Crise ze legitiméiere mam Argument, d'Chambeararbecht wär ze lues, fir den Erausfuerrunge vun dëser Kris gerecht ze ginn. De Problem läit an den Ae vu de Pirate kengesfalls bei der Chamber, mee bei der schlechter Kommunikatiouns säitens der Regierung, déi d'Aarbecht vum Parlament onnéideg verkomplizéiert.

D'Partei ass sech der Situatioun bewosst an ass prett, wéi an der Vergaangenheet, hire Rôle als konstruktiv Oppositionspartei weider auszufëllen. « *Dat geet awer just am Dialog an net duerch d'Setze vun Ultimaten* », sou de Sven Clement, deen och drop verweist, wéi aner Länner mat der aktueller Krisituatioun ëmginn:

« Aner Länner, wéi zum Beispill Portugal, weisen, datt d'Regierung d'Oppositionsparteien och ka fréizäiteg mat an d'Boot huelen, fir incisive nei Texter auszeschaffen, déi dann am Interêt vu Land a Leit um gréisst méiglechste Konsens tëscht alle Bedeelegte berouen. »

D'Pirate fuerderen de Premierminister dofir op, den aktuellen antidemokrateschen Toun ze ënnerbannen, an d'Parlament an de kommenden Deeg aktiv mat an d'Krisestrategie anzebezéien, fir datt d'Legislativ an d'Exekutiv gemeinsam e Wee duerch déi aktuell Kris ausschaffe kennen.

